Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Färderung vun der doucer Mobilitéit ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung, dat net just am Kampf géint de Klimawandel, mee och fir e Mentalitéitswiessel hin zu enger méi multimodaler an nohalteger Approche an der Mobilitéit zu Lëtzebuerg z'encouragéieren. An deem Kader goufen z.B. net just speziell Primme fir de Kaf vun engem Vëlo oder Pedelec agefouert, et gouf a gëtt och den nationale Vëlospistereseau kontinuéierlech ausgebaut.*

*Allerdéngs ass et besonnesch an der naasser Joreszäit op ville Plaze sou, dass Blieder, Knascht a Bulli op de Vëlospiste leien, déi souwuel e Sécherheetsrisiko fir Cyclisten duerstellen, wéi och generell d'Leit net onbedéngt encouragéieren, de Vëlo ze huelen, sief et fir op d'Schaff oder soss Deplacementer.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Ginn déi staatlech Vëlospiste reegelméisseg gebotzt respektiv ënnerhal?*
- *Wann net, ass virgesinn dëst an Zukunft méi systematesch ze maachen, besonnesch wärend den Hierscht- a Wantermëint?*
- *Weess den Här Minister vun Accidenter vu Cyclisten, déi op de schlechten Zoustand vun enger Vëlospist zréckzeféiere wieren?*

- *Wéi vill Meldunge krut d'Administration des ponts et chaussées an de leschten dräi Joer iwwer den Zoustand vu Vëlospisten?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten